*Den CSJ setzt sech dofir an, dass d'Jugendaarbecht zu Lëtzebuerg politesch méi Gewiicht kritt, an op lokalem, wéi och op nationalem Niveau méi gesi gëtt an ee gréisseren Impakt op jonk Mënschen huet.*

## Zil

Den CSJ stellt fest dass op kommunalem Plang zu Lëtzebuerg d'Gewiicht, d'Visibilitéit, d'Vernetzung an d'Ënnerstëtzung vun der Jugendaarbecht nach staark ausgebaut kënne ginn.

D'Jugendaarbechter kënnen hir Aarbecht nëmmen optimal maachen, wann op lokalem Plang eng staark Zesummenaarbecht a Vernetzung stattfannen.

Den CSJ ass der Meenung, dass déi Jonk an d'Jugendaarbecht op politeschem Plang mussen hir Platz kréien an net nëmmen als Randphenomen vun der kommunaler Politik betruecht ginn.

An ville Gemengen uechtert d'Land gëtt keng reell Jugendpolitik geleescht. Den Sujet Jugend gëtt oft an enger Jugendkommissioun traitéiert an erfahrungsbedengt kommen do just ‚Mini-Projeten' eraus déi zwar punktuell en interessanten Impakt kënnen hunn, mee op laang Zäit net duerginn fir der Jugend genug Gewiicht zouzespriechen.

Ganz vill Gemengen hu flott Jugendofferen, mee leider wëssen vill Jonker guer net Bescheed wat lokal fir d'Jugend gemaach gëtt. D'Vernetzung tëschent all den Offeren ass och oft net garantéiert an op verschidde Platzen am Land ginn et nach guer keng Raim an Offere fir Jonker.

D' Unerkennung an d' Stäerkung vun der Jugendaarbecht ass e wichtegen Deel vun der EU Jugendstrategie 2019-2027[1].

E wichtegen Schrëtt bei der Ëmsetzung vun der EU Jugendstrategie gouf mat der „3. European Youth Work Convention" an d' Weeër geleet. Bei dësem groussen internationale Fachtreffen ass et drëm gaangen, wei een d'Jugendaaarbecht weider ausbauen, ënnerstëtzen a verbessere kann. Eng staark lokal an kommunal Verankerung a Vernetzung goufe ganz besonnesch ënnerstrach a gefuerdert[2].

Fachiwwergräifend Vernetzung ass dobäi ganz wichteg. Lëtzebuerg huet souwuel d'EU Jugendstrategie 2019-2027 wei och d'Ofschlosserklärung vun der 3. European Youth Work Convention mat ënnerschriwwen a soll sech engagéieren se ëmzesetzen. D'Jugendaarbecht ass eng wichteg Approche fir déi Jonk ze stäerken a soll verstäerkt ënnerstëtzt a gefördert ginn, grad och op kommunaler Ebene.

Fir dës Ziler ze erreechen proposéiert den CSJ 3 folgend Usätz, déi onofhängeg ee vun dem aneren ëmgesat ginn kënnen.

---

[1] Amtsblatt der Europäischen Union: 2018/C 456/01 Entwurf einer Entschließung des Rates und der im Rat vereinigten Vertreter der Regierungen der Mitgliedstaaten zu einem Rahmen für die jugendpolitische Zusammenarbeit in Europa: die EU-Jugendstrategie 2019-2027

[2] Abschlusserklärung der 3. European Youth Work Convention Wegweiser für die Zukunft. Bonn, 10. Dezember 2020

## 1. Jugendbeoptraagten

Dës Persoun soll, ähnlech wei den nei ageféierte Sportskoordinator, vun enger oder méi Gemengen den Optrag kréien, d'Jugendaarbecht an der Gemeng (Regioun) virunzebréngen, andeems se virun allem als Networker fungéiert tëscht den eenzelnen Angeboter déi d'Jugend betrëffen. Zousätzlech soll se och de Relais tëscht Jugendaarbecht a Gemeng(epolitik) hirstellen. Dës Aufgab kann natierlech och e Service Jeunesse vun enger Gemeng iwwerhuelen.

D'Tâche vum Jugendbeoptraagten bestinn ënner anerem aus folgenden Aspekter :

- Ënnerstëtzung vun de Jugendstrukture bei administrativen Demarchen
- Sécherstellen vum Informatiounsaustausch tëscht de Gemengen an de Jugendstrukturen an de Strukturen ënnerteneen.
- De partizipativen Gedanken huet een héije Stellewäert – d'Aufgab vum Jugendbeoptraagten besteet ënner anerem doran, Forumen an der Gemeng ze organiséieren, an ee a regelméissegen Austausch a Kontakt mat de Jugendstrukturen, Jugendorganisatiounen an all de jugendrelevanten Akteuren an Associatiounen an der Gemeng ze fleegen.
- De Jugendbeoptraagte fërdert a setzt sech aktiv dofir an, dass all Acteur aus der Jugendaarbecht, d'Méiglechkeet huet, sech aktiv a partizipativ an der Gemeng zu Gonschte vu Jonken anzebréngen, sou wéi dat och zum Sportskoordinator sengen Tâche gehéiert.

## 2. Jugendkommunalplang

Een zousätzleche Léisungsvirschlag fir d'Responsabilitéit vun enger Gemeng a Saachen oppener Jugendaarbecht ze steigeren an méi verbindlech ze schafen, ass d'Erstellen an d'Ëmsetzung vun engem aktualiséierte Jugendkommunalplang.

- Ee Jugendkommunalplang hëlleft enger Gemeng eng Bestandsopnam vun der Jugendaarbecht ze maachen a Besoinen ze identifizéieren. Uschléissend gi Léisungsvirschléi ausgeschafft a proposéiert. Sou kann d'Schafe vun engem Jugendhaus, zum Beispill, eng Conclusioun vun engem Jugendkommunalplang sinn.

Aktuell stousse Jugendkommunalpläng op 2 Hürden:

- D'Ëmsetzung vum Jugendkommunalplang ass am allgemengen relativ laangwiereg. Oft zitt se sech iwwert e puer Joer.
- En ass fir Gemengen net verflichtend. D'Volontéit läit an dësem Fall ganz bei der Gemeng.

Fir dat sech d'Gemenge punkto oppener Jugendaarbecht méi engagéieren an hiren Obligatiounen nokommen, missten d'Jugendkommunalpläng gesetzlech verankert ginn.

Sujeten déi d'Jugend betreffen an interesséieren, mussen e feste Bestanddeel dovu sinn. Zugläich awer och Sujeten ewéi Participatioun, Engagement a Raim fir Jonker. De Jugendkommunalplang soll a Kooperatioun mat de lokale Jugendorganisatiounen, -strukturen a –veräiner ëmgesat ginn

Am Konkreten setzt de Jugendkommunalplang sech aus folgenden Elementer zesummen:

- Analyse vun den Besoine vun der Jugend an der Gemeng
- Kuerzfristeg an onbürokratesch Ëmsetzung, fir ze vermeiden, dass Jugendgeneratiounen iwwergaange ginn.
- Regelméisseg Evaluatioun an Upassung vun de Methoden a Strategien am Kader vum Jugendkommunalplang.

### 3. Jugend Label

*Et sollt e Label geschaaft ginn, deen d'Gemenge motivéiert Jugendaarbecht ze maachen an deen enger (interner/externer) Qualitéitssécherung ënnerläit.*

Eng weider Méiglechkeet fir d'Stäerkung an *Qualitéitssécherung* vun der Jugendaarbecht wier een Aféieren vun engem national unerkannten "Jugendlabel". Dësen Label kéint iwwert ee kompetent Organ zesumme mat den Acteuren an der Jugendaarbecht evaluéiert a qualitativ festgehalen ginn. Iwwert verschidden, festgeluechte Parameter kéint sou "d'Jugendfrëndlichkeet" an d'Oppenheet vis-à-vis vu Jugendleche vun enger Gemeng visualiséiert ginn an d'Jugendaarbecht als solches qualitativ evaluéiert ginn. Iwwert d'Vilfalt vun den

- verschiddene Jugendservicer
- dem kulturellen Angebot fir Jugendlecher
- den Ulaafplazen sou wei och déi
- verschidde Fräizäit- an Bildungsacteure fir Jugendlecher

Et soll ee "Qualitéitspunkte Katalog" erstallt ginn, woumat eng Gemeng seng Jugendaarbecht reflektéieren an verbessere kann. Dës Mierkmoler sollten dann och net quantitativer mä qualitativer Natur sinn.

Dëse Label kéint dann och éischter ee wäertschätzenden aplaz vun engem repressive Charakter hunn, fir sou d'Gemengepolitik dozou ze beweegen sech am Jugendberäich reegelméisseg ze evaluéieren, an esou eventuell Schwächte méi pro aktiv kënnen un ze goen.